**Evangelium vu Gréngendonneschdeg (Chrisam-Mass) (Joer A - B - C)**

**Lk 4,16-21**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*
*A. Dir all Éier, Här.*

16 De Jesus ass op Nazareth gaang, duer, wou hien opgewuess war.
Esou wéi et um Sabbat seng Gewunnecht war,
ass hien an d'Synagog gaang,
an do ass hien opgestan, fir virzeliesen.
17 Hie krut d'Buch vum Prophéit Isaias gereecht.
Hien huet d'Buch opgemaach
an déi Plaz fonnt, wou geschriwwe steet:
18 *Dem Här säi Geescht ass op mir,*
*well hien huet mech gesaleft.*
*Fir deenen Aarmen eng gutt Noriicht ze verkënnegen,*
*huet hie mech geschéckt,*
*fir deene Gefaangenen ze verkënnegen,*
*datt si fräikommen,*
*an deene Blannen,*
*datt si nees gesinn,*
*fir déi Gebrachen an d'Fräiheet ze schécken*
19 *an e Gnodejoer vum Här auszeruffen.*[a]

20 Nodeems hien d'Buch zougemaach
an et dem Dénger hanneschtginn hat,
huet hien sech gesat.
All déi, déi an der Synagog waren, hu gespaant op hie gekuckt.
21 Dunn huet hien ugefaang, hinnen z'erklären:
"Haut ass dëst Wuert aus der Schrëft
bei iech zou an Erfëllung gaang."[b]

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[a] *Is 61,1-2 LXX; Is 58,6.*
[b] *Wuertwiertlech: Haut ass dës Schrëft an ären Oueren an Erfëllung gaang.*